

Schëffleng, den 14. Januar 2018

Léiw Memberen,

D 'Saison 2017 ass eriwwer a mir hoffen, datt Dir mat dem vergaangene Joer zefridde waart. Mir soen Iech all villmools Merci fir déi vill a gutt Aarbecht an Ënnerstëtzung bei de verschiddenen Aktivitéite vun eisem Club.

Et ass elo och Zäit fir d '**Cotisation** vum d 'Joer 2018 ze bezuelen sou wéi se an der Generalversammlung vum 4. Februar 2017 festgehal gouf. Den Tableau erkläert wéi d'Cotisation sech zesummesetzt a wat am Total ze bezuelen ass.

	Cotisation	Licence	TOTAL
<b>Membre VIP</b>	100		100
<b>Membre sympathisant</b>	15		15
<b>Membre cyclotouriste (&gt;12ans) (virum 2006 gebuer)</b>	30	10	37
<b>Membre école de cyclisme (≤12ans) (2006 an méi spéit)</b>	50		50
<b>Membre coureur Minimes (2006 an 2007)</b>	30		30
<b>Membre coureur Cadets (2004 an 2005)</b>	30	5	35
<b>Membre coureur Débutants (2002 an 2003)</b>	30	15	45
<b>Membre coureur Juniors (2000 an 2001)</b>	30	20	50
<b>Membre coureur Dames (2001 a virdrun)</b>	30	20	50
<b>Membre coureur Espoirs et Elites (1999 a virdrun)</b>			
<b>(sans contrat)</b>	30	40	70
<b>(avec contrat)</b>	30	250	280
<b>Membre coureur Masters</b>	30	40	70

**Opgepasst** : All « Licence Membre Coureur » ass och gläichzäiteg « Licence Cyclotouriste » an d 'Cotisationen aus der Vëlosschoul si scho bezuelt

Fir dat de Comité d 'Lizenzen sou séier wéi méiglech bestellen kann, wiere mer frou wann der se virum 25. Januar 2018 kéint bezuelen. Sou huet dann och jiddereen seng Lizenz wann déi éischt Randonnée oder Course ass.

Maacht Äre Virement weg op een vun den 2 Konten vun der LP07 (ënnen um Bréif) mat dem Vermierk vun Ärem Numm an der Kategorie. Selbstverständlech kann een d 'Cotisation och op der Generalversammlung bezuelen.

Hei sinn schonn e puer wichteg Datume vun dësem Joer wou mer Är Hëllef brauchen. Schreift  
Iech se elo schonn an Äre Kalenner weg.

**03.02.2018**

Generalversammlung vun der „LP07“ an vun der „Amicale des Jeunes Coureurs Cyclistes de  
Schiffflange“ am Centre Associatif „am Rit“ mat um Programm eise Bilan an eis Perspektiven, déi  
nächst Aktivitéiten, d 'Verdeele vu Präisser a Prime un eis Coureuren ...

**18.03.2018**

1. Course Junior/Elite

**17+18.03.2018**

1. Rallye

**31.03+01.04.2018**

Coursen zu Dippech

**12.05.2018**

Epreuve Jeunes Schëffléng LP07

**22.06.2018**

Cortège Virowend Nationalfeierdag

**30.06-01.07.2018**

Championnats Nationaux sur route

**07-08.07.2018**

Summerfest LP07

**15.09.2018**

MOUNTAINBIKE-FEST LP07 fir Jeunes, Minimes a Cadets LP07

**10+11.11.2018**

Foire Vins et Gourmandises am Rit, organiséiert vun der LP07

Mat beschte Gréiss an bis geschwënn, am Numm vum Comité

Jean-Claude HANSEN  
Président

Christiane LECLERC-EMERING  
Secrétaire